



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7644 vum 22. Februar 2023 vun der éierewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen iwwert "Réduction des émissions nationales de certains polluants atmosphériques"

Ass de nationale Ratgeber, sou wéi an der EU-Richtlinn vun 2016 virgesinn, zu Lëtzebuerg publizéiert ginn?

Wann jo, wéini?

De Guide "Minderung der Ammoniakemissionen in der Landwirtschaft", dee viru kuerzem (no Consultatioun mam landwirtschaftleche Secteur) konnt fäerdeg gestallt ginn, steet aktuell an elektronischer Versioun um Landwirtschaftsportal esou wéi um Umweltportal (www.ma.etat.lu an www.emwelt.lu). Dëse Guide gëtt zäitno a gedréckter Versioun un all d'landwirtschaftlech Betriber verschéckt (viraussiichtlech Mëtt Abrëll).

Dat groussherzoglecht Reglement vum 27. Juni 2018, wat d'NEC Direktiv transposéiert, gëtt déi obligatoresch Themenfelder erëm, déi iwwert de Guide mussen ofgedeckt ginn. Dës Themen goufen alleguerten am Guide iwwerholl. De Guide enthält Mesure betreffend d'Fidderung vu landwirtschaftlechen Notzdéieren, Aspuermoosname bei der Konzeptioun vum Stall, d'Lagerung vu Wirtschaftsdünger souwéi och d'Ausbréngung vun Düngemëtzel.

Wat ass beim Stéckstoffmanagement a bei de Fidderungsstrategië genau festgehale ginn?

Vue dass een Opziele vun de genaue Mesuren de Kader vun dëser Fro an hirer Äntwert géing sprengen, verweise mir op déi elektronesch Versioun vum publizéierte Guide.

Ass de Ratgeber op seng Auswierkungen op d'Reduzéierung vun den Ammoniakemissionen evaluéiert ginn?

Wann jo, wat sinn d'Konklusiounen vun dëser Evaluatioun?

Déi verschidde Mesuren déi am Guide genannt sinn, goufe schonn zu verschiddene Momenter op d'Reduzéierung vun den Ammoniakemissionen evaluéiert. Si hunn all een Effekt. Dat tatsächlech Reduktiounspotential hänkt dobäi staark vun der Participatioun of. Dofir ass et wichteg, datt de Groussdeel vun de Betriber hir Equipementer, Ställ an Arbechtsweisen upassen.

An de Virbereedungsarbechten vum NAPCP goufen eng Rei Ofschätzungen iwwert d'Moosnamen, déi och am Guide sinn, gemaach. D'Frostellung war, wat wieren d'Emissionen gewiescht, falls scho verschidde Moosnamen 2020 realiséiert gewiescht wieren.

An deem Kontext géifen mir op d'Kapitel 3.3.1 vum Projet de NAPCP verweisen, deen sech aktuell an der Enquête publique befënnt (<https://enquetes.public.lu/fr/enquetes/1600/1664.html>). Et gesäit een, datt d'Form vun der Ausbréngung dee gréissten Impakt op d'Reduktioun vun den Emissionen huet.

Déi am Guide recommandéiert Moosnamen erlaben ons - mat eppes Verspéidung - d'Reduktiounszil fir 2020 z'erreechen, mee weider Ustrengungen wäerten néideg sinn fir d'Reduktiounszil fir 2030 z'erfëllen.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung